QP N°3766

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:23, 04/03/2021

Lëtzebuerg, den 4. Mäerz 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch an d'Häre Finanz- an Aarbechtsministeren weiderzeleeden.

Am Oktober 2020 huet et nach geheescht, dass Suen déi fälschlecherweis iwwer d'Kuerzaarbecht ausbezuelt goufen op administrativ Problemer zréckzeféiere wieren.

Mëttlerweil geet awer rieds vu konkrete Bedruchsfäll an deem Beräich. Et gëtt vu Firme bericht, déi, obschonn se hir Mataarbechter an d'Kuerzzäitaarbecht geschéckt hunn, fir vum Staat d'Paien bezuelt ze kréien, dës Mataarbechter méi oder manner « forcéiert » hunn, wärend där Zäit awer ze schaffen. Et wieren an deem Kontext och falsch « Käschtenotten » ausgestallt ginn.

Déi nämmlecht Firmen sollen och de Lëtzebuerger Fisk beduckst hunn.

Änlech Virfäll ginn och am Ausland gemellt.

Opgrond vun de beschriwwene Virgäng, wéilt ech folgend Froen un d'Madamm an d'Häre Ministere stellen :

- Kënnen d'Ministeren dës Informatiounen bestätegen ?
- Kënnen d'Ministeren eis matdeelen, wéi vill Verdachtsfäll hinne bekannt sinn ? Wéi vill Suen huet de Staat ze vill ausbezuelt ?
- Ginn et méiglecherweis grenziwwerschreidend Bedruchsfäll, wou souwuel vu Steiergelder op lëtzebuergescher Säit, wéi och z.B. op franséischer Säit profitéiert gouf ?
- Wéi eng Strofen spillen an dëse Fäll ? Kënnen d'Mataarbechter eventuell och zur Rechenschaft gezu ginn ?
- Fir de Fall, dass hei strofrechtlech Handlungen am Raum stinn, sinn d'Ministeren der Meenung, dass d'Verdachtsfäll missten un de Parquet gemellt ginn ? Wa jo, kënnen d'Ministeren eis confirméieren, dass dat och geschitt ass ?

Mat déifstem Respekt,

Marc Spautz
Deputéierten

Laurent Mosar
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

.

Luxembourg, le 04 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3766 du 04.03.2021 de Monsieur le Député Laurent Mosar et de Monsieur le Député Marc Spautz - Fraude au chômage partiel

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés